



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vun der Gesondheetsministesch, der Justizministesch an dem Minister fir bannenzeg Sëcherheet op d'urgent parlamentaresch Fro n° 5174 vum 2. November 2021 vun der honorabeler Députéierten Nancy Kemp-Arendt

Laut dem modifizéierte Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwert *d'Mesures de lutte contre la pandémie Covid-19* ass déi Persoun, déi verantwortlech ass vun der Plaz wou den Evénement stattfënnt oder den Organisateur vum Evénement, en charge fir de "contrôle à l'entrée" ze assuréieren. D'Police konnt bis elo keng Infractioun feststelle wou Leit soi-disant Impfzertifikater vun anere Persounen virgewisen hätten.

Jiddereen deen zu Fäll vun enger Infractioun oder Fälschung Informatiounen huet, as gebieden dës der Police zoukommen ze loossen.

Et sief och drun erënnert, dass de Code pénal, an den Artikelen 193 bis 210, eng ganz Rëtsch vu Fäll an Hypothese virgesäit, an deenen eng Persoun sech strafbar mécht duerch Fälschungen an/oder de Gebrauch vu Fälschungen. Wéi en Artikel a wéi engem Fall applikabel ass hänkt vun den faktuellen Einzelheeten of, déi vu Fall zu Fall kënnen verschidde sinn. D'Strofen, déi di Artikele virgesinn, sinn der Gravitéit vun deene verschiddenen Eenzelfäll ugepasst a gesinn, zum Beispill, eng Reclusioun vun 10 bis 15 Joer vir, oder och eng Prisongsstrof vun engem Mount bis dräi Joer an/oder eng Geldstrof vun 251 bis 12.500 Euro vir.

Lëtzebuerg, den 08/11/2021

D' Ministre de la Santé

(s.) Paulette Lenert